A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 4

# Kapitel 4 Säit 59, Übung 8

D'Schüler ginn a Gruppe gedeelt a kréie jee 2 Sette mat Käertercher: Ee mat de Substantiven, wou schonn de Possessiv derbäi steet, ee mat den Adjektiven. Si solle Sätz bilden, se och eventuell opschreiwen, fir se herno an der Klass ze presentéieren an ze verbesseren, oder si ginn se un en anere Grupp weider, dee se da verbessert.

*Huelt jee eng Kaart vun all Set a maacht Sätz wéi am Beispill. Schreift Är Beispillsätz op. Schafft am Grupp.*

Beispill:

Set 1: **mäi Mantel** Set 2: **nei**

**Mäin neie Mantel** huet 100€ an de Solde kascht.

| | | | |
|---|---|---|---|
| nei | blo | brong | wëllen |
| modern | laang | al | schick |
| waarm | faarweg | seiden | kuerz |
| schwaarz | pelzen | laang | gréng |
| rout | getëppelt | grouss | nei |
| karéiert | propper | wäiss | knaschteg |
| bëlleg | deier | héich | bequeem |

# Kapitel 4 Säit 59, Übung 8

| | | | |
|---|---|---|---|
| mäi Mantel | däin T-shirt | säi Rimm | hire Pullover |
| säin Hutt | Äre Rack | eise Prabbeli | hire Collant |
| meng Blus | deng Jupe | seng Kap | hir Mutz |
| seng Box | eis Jackett | Är Posch | hir Krawatt |
| Äert Hiem | eist Kleed | säin Hiemchen | hiert Nuetshiem |
| mäin Nuesschnappech | meng Schong | deng Stiwwelen | seng Händschen |
| hir Strëmp | eis Sandalen | Är Schlappen | hir Turnschlappen |

# Kapitel 4 Säit 59, Übung 8

## *Wiesselspill* *Variant 1*

## Kopie A

*Wat di si un? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

| | **haut** | **muer** | **e Sonndeg** | **den Owend** |
|---|---|---|---|---|
| **Sophie** | | brong Stiwwelen | e roude Rack | |
| **Jeff** | eng beige Box | | | |
| **Damien** | | | en neie Pullover | eng waarm Mutz |
| **Cristina** | e schicken Tailleur | eng orange Jupe | | en hellbloen T-Shirt |

Beispill:

A: Wat deet d'Sophie haut un?

*B: Hatt deet eng rosa Blus un.*

*B: Wat deet hatt muer un?*

A: Muer deet hatt brong Stiwwelen un.

A: ...

# Kapitel 4 Säit 59, Übung 8

## *Wiesselspill* *Variant 1*

## Kopie B

*Wat di si un? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

| | **haut** | **muer** | **e Sonndeg** | **den Owend** |
|---|---|---|---|---|
| **Sophie** | eng rosa Blus | | | e groe Collant |
| **Jeff** | | eng gréng Méck | eng blo Jackett | e karéiert Hiem |
| **Damien** | e beigë Short | eng gesträift Krawatt | | |
| **Cristina** | | | e faarwege Foulard | |

Beispill:

A: Wat deet d'Sophie haut un?

*B: Hatt deet eng rosa Blus un.*

*B: Wat deet hatt muer un?*

A: Muer deet hatt brong Stiwwelen un.

A: ...

# Wiesselspill *Variant 2*

## Kopie A

*Wat di si un? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

| | haut | muer | e Sonndeg | den Owend |
|---|---|---|---|---|
| **Anna** | ........ | giel/Sandalen ........ | mof/T-Shirt e mofen T-Shirt | ........ |
| **Jacques** | gréng/Jackett ........ | ........ | ........ | ........ |
| **Mike** | ........ | ........ | karéiert/Hiem ........ | nei/Kap ........ |
| **Lena** | wäiss/Blus ........ | gro/Schal ........ | ........ | hell/Jupe ........ |

Beispill:

A: Wat deet d'Anna haut un?

*B: Hatt deet e roude Pullover un.*

*B: Wat deet hatt muer un?*

A: Muer deet hatt giel Sandalen un.

A: ...

| | | | |
|---|---|---|---|
| e roude Pullover | giel Sandalen | e mofen T-Shirt | e bloe Rack |
| eng gréng Jackett | brong Schong | e bloe Kostüm | déck Stiwwelen |
| e beigë Short | e schwaarze Rimm | e karéiert Hiem | eng nei Kap |
| eng wäiss Blus | e groe Schal | e waarme Mantel | eng hell Jupe |

# Wiesselspill *Variant 2*

## Kopie B

*Wat di si un? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

| | **haut** | **muer** | **e Sonndeg** | **den Owend** |
|---|---|---|---|---|
| **Anna** | rout/Pullover<br>e roude Pullover | ................ | ................ | blo/Rack<br>................ |
| **Jacques** | ................ | brong/Schong<br>................ | blo/Kostüm<br>................ | déck/Stiwwelen<br>................ |
| **Mike** | beige/Short<br>................ | schwaarz/Rimm<br>................ | ................ | ................ |
| **Lena** | ................ | ................ | waarm/Mantel<br>................ | ................ |

Beispill:

A: Wat deet d'Anna haut un?

*B: Hatt deet e roude Pullover un.*

*B: Wat deet hatt muer un?*

A: Muer deet hatt giel Sandalen un.

A: ...

| | | | |
|---|---|---|---|
| e roude Pullover | giel Sandalen | e mofen T-Shirt | e bloe Rack |
| eng gréng Jackett | brong Schong | e bloe Kostüm | déck Stiwwelen |
| e beigë Short | e schwaarze Rimm | e karéiert Hiem | eng nei Kap |
| eng wäiss Blus | e groe Schal | e waarme Mantel | eng hell Jupe |

# Kapitel 4

## Säit 61, Übung 3

*Liest d'Wierder. Wat fir ee Wuert passt net bei déi dräi aner? Sträicht et aus.*

| | | |
|---|---|---|
| Mutz | waarm | Box |
| Kap | liicht | Top |
| Hutt | bequeem | Jupe |
| Schal | schwaarz | Short |
| | | |
| Mantel | laang | Jackett |
| Jackett | kuerz | Hiem |
| Blus | enk | Blus |
| Anorak | getëppelt | T-Shirt |
| | | |
| giel | Sandalen | Kleed |
| gréng | Stiwwelen | Rack |
| gesträift | Turnschlappen | Jupe |
| blo | Strëmp | Tailleur |


*Wat fir en Adjektiv passt? Fëllt aus.*

al elegant bequeem deier
enk liicht waarm summerlech
sportlech nei

1. Ech ginn an de Gaart schaffen, ech doen eppes .............................. un.
2. Haut doen ech eppes ..............................un a bleiwen op der Kusch leien.
3. Muer ginn et 30 Grad, do musse mir eppes .................................................... undoen.
4. Mir kafen de Kanner näischt .............................. fir unzedoen, si kënnen net laang genuch dovu profitéieren.
5. Et ass eng cool Party, do näischt ze .............................. un.
6. Ech brauch onbedéngt eppes .............................. fir unzedoen, ech hunn näischt méi am Schaf!
7. D'Kanner brauchen nach eppes .............................. fir an d'Schivakanz!
8. Fir eis Vakanz an Italie muss ech nach eppes .................................................. apaken.
9. Hatt huet eng flott Figur, hatt kann esou eppes .............................. gutt undoen.
10. Fir spadséieren ze goen, doen ech léiwer eppes.............................. un.

# Kapitel 4 Säit 61, Übung 8

*Liest den Dialog haart zu zwee.*

- So, paaks du och e  an?
- *Nee, dat hëlt dach vill ze vill Plaz ewech an der Wallis! Ech hunn elo scho Problemer, fir se zouzekréien!*
- Ou? A wat hues du dann alles agepaakt?
- *Majo, fir ënnen: zwou , meng   an dee  . A fir uewen: véier  an zwou , ee . An dann eng liicht  an eng aus , fir wann et owes méi frësch ass.*
- An domat ass deng Wallis voll?
- *Ma nee, ech brauch jo och  a . A meng  a meng  sinn och dran. Ausserdeem nach e , eng , e , an nach vill aner kleng Saachen ...*
- O, ech mierken, ech hunn nach e ganze Koup Saache vergiess. Weess du, wou meng  ass?
- *Jo, hei am Tirang. An huel wannechgelift och eppes méi Elegantes mat, fir wa mer eng Kéier schick iesse ginn.*
- Ech soll mäi  mat an d'Vakanz huelen?!
- *Nee, dat muss net sinn. Huel däi   an eng  mat, da bass de schick genuch.*
- O.k.!

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Liest d'Dialogstécker. Wéi komme se der Rei no? Nummeréiert d'Stécker.*

- An? Passt et?
- *Dir hat Recht. D'Äerm sinn ze laang. an et ass e bëssen ze weit am Col.*
- Jo, déi Hiemer si grouss geschafft. Da probéiert emol dat anert.

---

- An der Rei, sot Bescheed, wann Dir eppes braucht.
- *A jo, wou fannen ech Hiemer?*
- Déi sinn do hanne bei de Kabinnen.
- *Hutt Dir och Cowboyshiemer?*

---

- Bonjour, Monsieur, kann ech Iech hëllefen?
- *O merci, mä ech kucke just e bëssen.*

---

- *Hmm, nee, éischter wäiss oder gro, mä mat engem Muster.*
- A wéi fannt Dir dat hei?
- *O jo, dat ass flott. Hutt Dir dat a menger Gréisst? 42.*

---

- *Nee, ech doen eng einfach Jeans dobäi un. Ech hu genuch Jeansboxen doheem.*
- An der Rei, ass dat dann alles?
- *Jo.*
- Dir kënnt scho bei d'Keess goen. Ech kommen direkt.

---

- Nee, leider net. Mä mir hunn Hiemer mat ganz flotte Motiver. Soll ech Iech se mol weisen?
- *Jo, gär. Ech sichen en originellt Hiem fir eng Party.*
- Hei si ganz faarweg Hiemer. Ass et dat, wat Dir sicht?

---

- Ou? Sidd Dir sécher? Ee Moment, ech moossen emol Äre Col. Ech mengen, Dir braucht eng Gréisst méi kleng. Hei ass d'Hiem am 40 an am 42, da kënnt Dir déi zwee umoossen.
- *Merci. Ech probéieren den 42, ech hunn ëmmer 42!*

---

- *A jo, dat ass besser. D'Äerm sinn e bësse méi kuerz.*
- O, dat Hiem geet Iech richteg gutt! Braucht Der och nach eng Box fir dobäi?

*Vergläicht d'Gezei. Maacht Sätz.*

Beispill:

Jupe/Rack/bëlleg

**D'Jupe ass méi bëlleg wéi de Rack.**

1. Box/Short/laang

2. Mantel/Jackett/waarm

3. Blus/Pullover/liicht

4. Tallekeschong/Turnschlappen/elegant

5. Stiwwelen/Schong/deier

6. T-Shirt/Top/flott

7. Foulard/Schal/schick

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Maacht Sätz mat* léiwer.

Beispill:

undoen/Rack /Jupe

**Ech doe léiwer e Rack wéi eng Jupe un.**

1. undoen/ Jackett/Mantel

..............................................................................................................................

2. undoen/Hutt/Kap

..............................................................................................................................

3. undoen/T-Shirt/Hiem

..............................................................................................................................

4. undoen/Nylonsstrëmp/ Strëmp aus Woll

..............................................................................................................................

5. undoen/Krawatt/Méck

..............................................................................................................................

*Maacht Sätz mat* besser.

Beispill:

gefalen/Tallekeschong/platt Schong

**Tallekeschong gefale mir besser wéi platt Schong**

1. gefalen/dat karéiert Hiem/dat gesträift Hiem

..............................................................................................................................

2. gefalen/déi blo Blus/déi rout Blus

..............................................................................................................................

3. gefalen/déi kuerz Jupe/déi laang Jupe

..............................................................................................................................

4. gefalen/ dee weide Pullover/deen enke Pullover

..............................................................................................................................

5. gefalen/dee Rimm aus Lieder/ dee Rimm aus Plastik

..............................................................................................................................

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Liest d'Sätz. Ass dat richteg oder falsch? Sot et richteg.*

1. Am Cours si manner Männer wéi Fraen.
2. D'Stad Lëtzebuerg huet méi Awunner wéi Esch.
3. En halleft Pond Äppel ass sou schwéier wéi 250g Banannen.
4. Bensin ass méi bëlleg wéi Diesel.
5. Lëtzebuergesch ass méi schwéier wéi Finnesch.
6. De Fliger ass méi séier wéi den Auto.
7. D'Belsch ass net sou grouss wéi Däitschland.
8. An der Stad schaffe manner Leit wéi um Land.
9. Um Cap Vert ass et méi kal wéi zu Lëtzebuerg.
10. Kamelle si méi gesond wéi Äppel.
11. D'Summervakanz ass sou laang wéi d'Fuesvakanz.
12. An Däitschland hunn d'Leit méi Kanner wéi an Irland.
13. An der Politik si manner Frae wéi Männer.
14. Zu Lëtzebuerg wunne méi Englänner wéi Portugisen.
15. Zitroune si méi séiss wéi Äerdbier.
16. An den Alpe läit méi Schnéi wéi zu Lëtzebuerg.
17. An de Solde kaschten d'Kleeder méi wéi normalerweis.
18. Frankräich produzéiert méi Wäi wéi Island.
19. Nonzeg Minutte sinn net sou laang wéi annerhallef Stonn.
20. Kino ass méi interessant wéi Tëlee.

# Kapitel 4 Säit 63, Übung 4

*Hei si Froen, fir eng Persoun ze beschreiwen. Fëllt déi richteg Possessivpronomen aus.*

1. D'Persoun ass e Mann:

Ass hie grouss oder kleng?

Si ............................ Hoer laang oder kuerz?

Ass ............................ Gesiicht oval, ronn oder véiereckeg?

Ass ............................ Nues schmuel oder laang?

Wat fir eng Faarf hu ............................ Aen?

Ass ............................ Mond breet oder schmuel?

Ass ............................ Hals laang oder kuerz?

Wéi si ............................ Oueren?

2. D'Persoun ass eng Fra:

Ass si grouss oder kleng?

Sinn ............................ Hoer laang oder kuerz?

Ass ............................ Gesiicht oval, ronn oder véiereckeg?

Ass ............................ Nues schmuel oder laang?

Wat fir eng Faarf hunn ............................ Aen?

Ass ............................ Mond breet oder schmuel?

Ass ............................ Hals laang oder kuerz?

Wéi sinn ............................ Oueren?

# Kapitel 4 Säit 63, Übung 4

*Kuckt Biller a fëllt d'Texter fäerdeg aus. Passt op de Genre op a benotzt de Possessiv an Adjektiver.*



........................... T-Shirt ass wäiss.

........................... Hiem ass karéiert.

........................... Jeansbox ass blo.

........................... Schong si schwaarz.

........................... Hoer si kuerz a brong.

........................... Baart ass gefleegt.

Hien huet e ........................... T-Shirt, e ........................... Hiem, eng ........................... Jeansbox a ........................... Schong un.

Hien huet ..........................., ........................... Hoer an e ........................... Baart.



........................... Mutz ass hellbrong.

........................... Schal ass laang.

........................... Wantermantel ass waarm.

........................... Stiwwele si gefiddert.

........................... Laachen ass léif.

........................... Ausstralung ass sympathesch.

Si huet eng ........................... Mutz, e ........................... Schal, e ........................... Wantermantel a ........................... Stiwwelen un.

Si huet e ........................... Laachen an eng ........................... Ausstralung.

# Kapitel 4 Säit 64, Übung 3

*Liest d'Beschreiwunge vun deenen zwielef Stärenzeechen.*



**Rat** (...,1960, 1972, 1984, 1996, 2008 ...)
E Mënsch, deen am Zeeche vun der Rat gebuer ass, huet vill Humor an ass ganz charmant. En ass kreativ, spontan an entdeckt ëmmer gär nei Saachen an nei Leit. En ass awer heiansdo och e bësse granzeg an aggressiv.



**Büffel / Ochs** (...,1961, 1973, 1985, 1997, 2009 ...)
Den Ochs huet e ganz staarke Charakter an ass oft zimmlech stuer an net flexibel. Mä en ass awer ganz tolerant an hëllefsbereet. Hie schafft vill an ass ganz prezis a senger Aarbecht. Hien ass gär doheem bei der Famill a leet vill Wäert op Traditiounen.



**Tiger** (...,1962, 1974, 1986, 1998, 2010 ...)
Den Tiger huet eng ganz dominant Perséinlechkeet. En ass ëmmer gutt organiséiert, couragéiert an éiergäizeg. E gëtt awer och séier granzeg a rebellesch, wann eppes net esou geet, wéi hien et gär hätt.



**Hues** (...,1963, 1975, 1987, 1999, 2011 ...)
Den Hues ass éierlech a sensibel. Hien huet Konflikter net gär an ass gär doheem bei der Famill oder bei de Kolleegen. Hien huet e grousst Häerz an ass ëmmer hëllefsbereet. En ass awer oft och schei an onsécher.



**Draach** (...,1964, 1976, 1988, 2000, 2012 ...)
Den Draach ass couragéiert an temperamentvoll. Hien ass immens virwëtzeg a fënnt alles interessant, wat hien nach net kennt. Hie verléiert awer leider oft nees séier den Interessi. Hien ass och egoistesch a steet gär am Mëttelpunkt.



**Schlaang** (...,1965, 1977, 1989, 2001, 2013 ...)
D'Schlaang ass intelligent an elegant. Si huet gär hir Rou an ass heiansdo awer och e bësse bequeem a liddereg. Si ass interesséiert u Kultur, Philosophie an ass ëmmer virwëtzeg, fir nei Saache kennenzeléieren.

*Liest d'Beschreiwunge vun deenen zwielef Stärenzeechen. (suite)*



**Päerd** (...,1966, 1978, 1990, 2002, 2014 ...)
D'Päerd ass temperamentvoll a liewensfrou, awer och onroueg an nervös. Et ass op jidde Fall ëmmer a Beweegung an dofir fënnt een och oft Sportler an deem Zeechen. Et ass heiansdo e bëssen agebilt an zimmlech egozentresch.



**Schof / Geess** (...,1967, 1979, 1991, 2003, 2015 ...)
D'Schof ass e Familljemënsch an ass gär doheem. Et ass uerdentlech a pünktlech a probéiert, ëmmer alles gutt ze organiséieren. Et ass och materialistesch a knéckeg a gëtt net gär eppes ewech.



**Af** (...,1968, 1980, 1992, 2004, 2016 ...)
Den Af ass intelligent a kreativ an improviséiert gär. En ass och oft verspillt a mécht gär de Geck. Hie mengt dat normalerweis net béis, mä hie schwätzt awer heiansdo e bëssen ze vill a passt net op, wat e seet.



**Hunn** (...,1969, 1981, 1993, 2005, 2017 ...)
Den Hunn ass liewensfrou an enthusiastesch. Hien ass ganz perfektionistesch, souwuel privat wéi am Beruff. Et ass heiansdo net einfach, fir mat him ze schaffen. Hie leet vill Wäert op säin Ausgesinn a wierkt heiansdo agebilt.



**Hond** (...,1970, 1982, 1994, 2006, 2018 ...)
Den Hond ass trei, éierlech an zouverlässeg. Hien huet e gutt Häerz a vill Frënn. Hien huet et guer net gär, wann ee schlecht iwwert seng Famill oder seng Frënn schwätzt. An esou Momenter kann hie séier aggressiv ginn.



**Schwäin** (...,1971, 1983, 1995, 2007, 2019 ...)
D'Schwäin ass net gär eleng an invitéiert dofir oft Leit bei sech heem. Et ass ganz generéis an hëllefsbereet an huet vill Frënn. Ouni Motivatioun ass d'Schwäin och emol liddereg.

# Kapitel 4

## Säit 65, Übung 8

D'Käertercher mat den Adjektive kënnen op verschidden Aart a Weisen agesat ginn.
Zum Beispill kënne Sätz gebilt gi wéi an der Übung 7 op der Säit 65.
D'Schüler schaffen zu zwee an zwee oder a klenge Gruppen a probéieren, sech ze widderspriechen

| | | |
|---|---|---|
| agebilt | arrogant | egoistesch |
| éierlech | elegant | ellen |
| fläisseg | flott | generéis |
| granzeg | hëllefsbereet | intelligent |
| jalous | knéckeg | langweileg |
| liddereg | muskuléis | nervös |
| ongefleegt | schei | stur |
| sympathesch | tolerant | uerdentlech |
| virwëtzeg | | |

# Kapitel 4 Säit 65, Übung 8

*1. Sicht Adjektiver a fëllt d'Texter fäerdeg aus. Schafft zu zwee.*

1.

- Hues du eisen neie Mataarbechter scho gesinn? Ech fannen hien e bëssen agebilt. *A*
- *nee, ech fannen hie* **sympathesch**.
- Ech mengen, hien ass .................................... an .................................... *Ma*
- *nee, hien ass* .................................... *an* .....................................

2.

- So, kenns du dem Nadia säin neie Frënd? Hien ass net ellen an zimmlech intelligent!
- *Jo, du hues Recht! Ech fannen hien och* .................................... *an* ....................................

3.

- Kuck emol déi Foto hei! Deen ass jo total almoudesch ugedoen!
- *Ou? Fënns de? Ech fannen dat* .....................................
- Seriö?

4.

- Hei ass mäin neie Mupp, de Bello. Hien ass ganz léif.
- *Hie gesäit awer* .................................... *aus. Kommt net méi no, ech fäerten Hënn.*

# Kapitel 4 Säit 67, Übung 6

*Liest den Text a féllt déi richteg Possessivpronomen aus.*

*Den Här an d'Madamm Reuter ginn op de Policebüro, well d'Madamm hir Posch verluer huet.*

**Här Reuter:** Gudden Owend. Mäin Numm ass Reuter. ............ Fra huet ............ Posch verluer. Mir wëllen eng „Déclaration de perte" maachen.

**Polizist:** Dat kënne mir direkt maachen. Gitt mer ............ Numm an ............ Adress, wannechgelift. Ech brauch dat fir den Dossier.

**Här Reuter:** Jo, natierlech. ............ Numm  ass Roger Reuter a ............ Fra heescht Bea Reuter-Weber. ............ Adress ass 122, route d'Esch. L-1943 Hollerech.

**Polizist:** Gutt. Madamm Reuter, wéi gesäit ............ Posch dann aus?

**Madamm Reuter:** Se ass mëttelgrouss, brong an aus Lieder.

**Polizist:** Hmm, eng ganz normal Posch also. A wat war dran?

**Madamm Reuter:** ............ Portmonni, ............ Handy, ............ Brëll a ............ Schlësselen. Dann nach en Agenda, e Bic, e Lëppestëft an Nuesschnappecher.

**Polizist:** Wéi gesäit ............ Portmonni aus a wat war dran ?

**Madamm Reuter**: ............ Portmonni ass orange. Ech hat ............ Carte d'identité, ............ Fürerschäin, zwou Kreditkaarten an och e bësse Suen dran.

**Polizist:** Hutt Dir dru geduecht, fir ............ Kreditkaarte spären ze loossen?

**Madamm Reuter**: Jo, natierlech!

**Polizist**: Gutt, ech hunn alles notéiert. Dir kënnt nach hei ënnerschreiwen.

# Kopie A

*Kuckt d'Bild vun der Fra. Äre Partner huet och e Bild vun hir, mä et ginn aacht Ënnerscheeder. Wat ass anescht? Fannt d'Ënnerscheeder duerch Froen.*



*Beispill:*

A: Huet d'Fra op dengem Bild laang Hoer?

*B: Nee, si huet kuerz Hoer.*

A: A! Op mengem Bild huet se laang Hoer.

*B: Laacht d'Fra op dengem Bild?*

A: Jo.

*B: Op mengem Bild laacht si och.*

# Kopie B

*Kuckt d'Bild vun der Fra. Äre Partner huet och e Bild vun hir, mä et ginn aacht Ënnerscheeder. Wat ass anescht? Fannt d'Ënnerscheeder duerch Froen.*



*Beispill:*

A: Huet d'Fra op dengem Bild laang Hoer?

*B: Nee, si huet kuerz Hoer.*

A: A! Op mengem Bild huet se laang Hoer.

*B: Laacht d'Fra op dengem Bild?*

A: Jo.

*B: Op mengem Bild laacht si och.*

# Kapitel 4

## Säit 70, Übung 2

*Liest d'Froen. Kennt Dir déi richteg Äntwert? Kräizt un.*

1. Zënter wéini ginn et lëtzebuergesch Filmer?

a. Zënter de 70er Joren ☐
b. Zënter den 80er Joren ☐
c. Zënter den 90er Joren ☐

2. Wéi heescht deen éischten international erfollegräiche lëtzebuergesche Film?

a. Troublemaker ☐
b. Schacko Klak ☐
c. Mr Hublot ☐

3. Wéi vill Joer huet de „Film Fund Luxembourg“ 2015 gefeiert?

a. 10 Joer ☐
b. 20 Joer ☐
c. 25 Joer ☐

4. Zënter wéini gëtt et de „Lëtzebuerger Filmpräis”?

a. 1990 ☐
b. 2003 ☐
c. 2014 ☐

5. Wat fir e Genre Film aus Lëtzebuerg huet en Oscar gewonnen?

a. en Animatiounsfilm ☐
b. en Dokumentarfilm ☐
c. e Laangspillfilm ☐

*Léisungen: 1.b, 2.a, 3.c, 4.b, 5.a*

A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 4

# Kapitel 4 Säit 61, Übung 3

*Liest d'Wierder. Wat fir ee Wuert passt net bei déi dräi aner? Sträicht et aus.*

| | | |
|---|---|---|
| Mutz | waarm | Box |
| Kap | liicht | ~~Top~~ |
| Hutt | bequeem | Jupe |
| ~~Schal~~ | ~~schwaarz~~ | Short |
| | | |
| Mantel | laang | ~~Jackett~~ |
| Jackett | kuerz | Hiem |
| ~~Blus~~ | enk | Blus |
| Anorak | ~~getëppelt~~ | T-Shirt |
| | | |
| giel | Sandalen | Kleed |
| gréng | Stiwwelen | Rack |
| ~~gesträift~~ | Turnschlappen | Jupe |
| blo | ~~Strëmp~~ | ~~Tailleur~~ |

*Wat fir en Adjektiv passt? Fëllt aus.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| al | elegant | | bequeem |
| enk | liicht | waarm | deier |
| sportlech | nei | | summerlech |

1. Ech ginn an de Gaart schaffen, ech doen eppes **Ales** un.
2. Haut doen ech eppes **Bequeemes** un a bleiwen op der Kusch leien.
3. Muer ginn et 30 Grad, do musse mir eppes **Liichtes** undoen.
4. Mir kafen de Kanner näischt **Deieres** fir unzedoen, si kënnen net laang genuch dovu profitéieren.
5. Et ass eng cool Party, do näischt ze **Elegantes** un.
6. Ech brauch onbedéngt eppes **Neies** fir unzedoen, ech hunn näischt méi am Schaf!
7. D'Kanner brauchen nach eppes **Waarmes** fir an d'Schivakanz!
8. Fir eis Vakanz an Italie muss ech nach eppes **Summerleches** apaken.
9. Hatt huet eng flott Figur, hatt kann esou eppes **Enkes** gutt undoen.
10. Fir spadséieren ze goen, doen ech léiwer eppes **Sportleches** un.

# Kapitel 4 Säit 61, Übung 8

*Liest den Dialog haart zu zwee.*

- So, paaks du och e **Buedmantel** an?
- Nee, dat hëlt dach vill ze vill Plaz ewech an der Wallis! Ech hunn elo scho Problemer, fir se zouzekréien!
- Ou? A wat hues du dann alles agepaakt?
- Majo, fir ënnen: zwou **Boxen**, meng **geblummelecht Jupe** an dee **bloe Rack**. A fir uewen: véier **T-Shirten** an zwou **Blusen**, ee **Pullover**. An dann eng liicht **Jackett** an eng **aus Woll**, fir wann et owes méi frësch ass.
- An domat ass deng Wallis voll?
- Ma nee, ech brauch jo och Ënnerwäsch a **Strëmp**. A meng **Tallekeschong** a meng **Sandale** sinn och dran. Ausserdeem nach e **Maillot**, eng **Kap**, e **Rimm**, an nach vill aner kleng Saachen...
- O, ech mierken, ech hunn nach e ganze Koup Saache vergiess. Weess du, wou meng **Schwammbox** ass?
- Jo, hei am Tirang. An huel wannechgelift och eppes méi Elegantes mat, fir wa mer eng Kéier schick iesse ginn.
- Ech soll mäi **Kostüm** mat an d'Vakanz huelen?!
- Nee, dat muss net sinn. Huel däi **gesträift Hiem** an eng **Krawatt** mat, da bass de schick genuch.
- O.k.!

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Liest d'Dialogstécker. Wéi komme se der Rei no? Nummeréiert d'Stécker.*

6
- An? Passt et?
- *Dir hat Recht. D'Äerm sinn ze laang. an et ass e bëssen ze weit am Col.*
- Jo, déi Hiemer si grouss geschafft. Da probéiert emol dat anert.

2
- An der Rei, sot Bescheed, wann Dir eppes braucht.
- *A jo, wou fannen ech Hiemer?*
- Déi sinn do hanne bei de Kabinnen.
- *Hutt Dir och Cowboyshiemer?*

1
- Bonjour, Monsieur, kann ech Iech hëllefen?
- *O merci, mä ech kucke just e bëssen.*

4
- *Hmm, nee, éischter wäiss oder gro, mä mat engem Muster.*
- A wéi fannt Dir dat hei?
- *O jo, dat ass flott. Hutt Dir dat a menger Gréisst? 42.*

8
- *Nee, ech doen eng einfach Jeans dobäi un. Ech hu genuch Jeansboxen doheem.*
- An der Rei, ass dat dann alles?
- *Jo.*
- Dir kënnt scho bei d'Keess goen. Ech kommen direkt.

3
- Nee, leider net. Mä mir hunn Hiemer mat ganz flotte Motiver. Soll ech Iech se mol weisen?
- *Jo, gär. Ech sichen en originellt Hiem fir eng Party.*
- Hei si ganz faarweg Hiemer. Ass et dat, wat Dir sicht?

5
- Ou? Sidd Dir sécher? Ee Moment, ech moossen emol Äre Col. Ech mengen, Dir braucht eng Gréisst méi kleng. Hei ass d'Hiem am 40 an am 42, da kënnt Dir déi zwee umoossen.
- *Merci. Ech probéieren den 42, ech hunn ëmmer 42!*

7
- *A jo, dat ass besser. D'Äerm sinn e bësse méi kuerz.*
- O, dat Hiem geet Iech richteg gutt! Braucht Der och nach eng Box fir dobäi?

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Vergläicht d'Gezei. Maacht Sätz.*

Beispill:

Jupe/Rack/bëlleg

**D'Jupe ass méi bëlleg wéi de Rack.**

1. D'Box ass méi laang wéi de Short.
2. De Mantel ass méi waarm wéi d'Jackett.
3. D'Blus ass méi liicht wéi de Pullover.
4. D'Tallekeschong si méi elegant wéi d'Turnschlappen.
5. D'Stiwwele si méi deier wéi d'Schong.
6. Den Top ass méi flott wéi den T-Shirt.
7. De Foulard ass méi schick wéi de Schal.

*Maacht Sätz mat* léiwer.

Beispill:

undoen/Rack /Jupe

**Ech doe léiwer e Rack wéi eng Jupe un.**

1. Ech doe léiwer eng Jackett wéi e Mantel un.
2. Ech doe léiwer en Hutt wéi eng Kap un.
3. Ech doe léiwer en T-Shirt wéi en Hiem un.
4. Ech doe léiwer Nylonsstrëmp wéi Strëmp aus Woll un.
5. Ech doe léiwer eng Krawatt wéi eng Méck un.

*Maacht Sätz mat* besser.

Beispill:

gefalen/Tallekeschong/platt Schong

**Tallekeschong gefale mir besser wéi platt Schong**

1. Dat karéiert Hiem gefält mir besser wéi dat gesträift Hiem.
2. Déi blo Blus gefält mir besser wéi déi rout Blus.
3. Déi kuerz Jupe gefält mir besser wéi déi laang Jupe.
4. Dee weide Pullover gefält mir besser wéi deen enke Pullover.
5. Dee Rimm aus Lieder gefält mir besser wéi dee Rimm aus Plastik.

# Kapitel 4

## Säit 63, Übung 4

*Kuckt Biller a fëllt d'Texter fäerdeg aus. Passt op de Genre op a benotzt de Possessiv an Adjektiver.*



**Säin** T-Shirt ass wäiss.

**Säin** Hiem ass karéiert.

**Seng** Jeansbox ass blo.

**Seng** Schong si schwaarz.

**Seng** Hoer si kuerz a brong.

**Säi** Baart ass gefleegt.

Hien huet e **wäissen** T-Shirt, e **karéiert** Hiem, eng **blo** Jeansbox a **schwaarz** Schong un.

Hien huet **kuerz brong** Hoer an e **gefleegte** Baart.



**Hir** Mutz ass hellbrong.

**Hire** Schal ass laang.

**Hire** Wantermantel ass waarm.

**Hir** Stiwwele si gefiddert.

**Hiert** Laachen ass léif.

**Hir** Ausstralung ass sympathesch.

Si huet eng **hellbrong** Mutz, e **laange** Schal, e **waarme**Wantermantel a **gefiddert** Stiwwelen un.

Si huet e **léift** Laachen an eng **sympathesch** Ausstralung.

# Kapitel 4 Säit 62, Übung 3

*Liest d'Sätz. Ass dat richteg oder falsch? Sot et richteg.*

*Zum Beispill:*

1. richteg/oder falsch: Am Cours si méi Männer wéi Fraen.
2. richteg: D'Stad Lëtzebuerg huet méi Awunner wéi Esch.
3. richteg: En halleft Pond Äppel ass sou schwéier wéi 250g Banannen.
4. falsch: Bensin ass méi deier wéi Diesel.
5. richteg /oder falsch: Lëtzebuergesch ass net esou schwéier wéi Finnesch.
6. richteg: De Fliger ass méi séier wéi den Auto.
7. richteg: D'Belsch ass net sou grouss wéi Däitschland.
8. falsch: An der Stad schaffe méi Leit wéi um Land.
9. falsch: Um Cap Vert ass et méi waarm wéi zu Lëtzebuerg.
10. falsch: Kamelle sinn net esou gesond wéi Äppel.
11. falsch: D'Summervakanz ass méi laang wéi d'Fuesvakanz.
12. falsch: An Däitschland hunn d'Leit manner Kanner wéi an Irland.
13. richteg: An der Politik si manner Frae wéi Männer.
14. falsch: Zu Lëtzebuerg wunne manner Englänner wéi Portugisen.
15. falsch: Zitroune sinn net esou séiss wéi Äerdbier.
16. richteg: An den Alpe läit méi Schnéi wéi zu Lëtzebuerg.
17. falsch: An de Solde kaschten d'Kleeder manner wéi normalerweis.
18. richteg: Frankräich produzéiert méi Wäi wéi Island.
19. richteg: Nonzeg Minutte sinn net sou laang wéi annerhallef Stonn.
20. richteg/ oder falsch: Kino ass net esou interessant wéi Tëlee.

# Kapitel 4 Säit 63, Übung 4

*Hei si Froen, fir eng Persoun ze beschreiwen. Féllt déi richteg Possessivpronomen aus.*

1. D'Persoun ass e Mann:

Ass hie grouss oder kleng?

Si **seng** Hoer laang oder kuerz?

Ass **säi** Gesiicht oval, ronn oder véiereckeg?

Ass **seng** Nues schmuel oder laang?

Wat fir eng Faarf hu **seng** Aen?

Ass **säi** Mond breet oder schmuel?

Ass **säin** Hals laang oder kuerz?

Wéi si **seng** Oueren?

2. D'Persoun ass eng Fra:

Ass si grouss oder kleng?

Sinn **hir** Hoer laang oder kuerz?

Ass **hiert** Gesiicht oval, ronn oder véiereckeg?

Ass **hir** Nues schmuel oder laang?

Wat fir eng Faarf hunn **hir** Aen?

Ass **hire** Mond breet oder schmuel?

Ass **hiren** Hals laang oder kuerz?

Wéi sinn **hir** Oueren?

# Kapitel 4 Säit 65, Übung 8

*1. Sicht Adjektiver a féllt d'Texter fäerdeg aus. Schafft zu zwee.*

*Zum Beispill:*

1.
- Hues du eisen neie Mataarbechter scho gesinn? Ech fannen hien e bëssen agebilt.
- A nee, ech fannen hie *sympathesch*.
- Ech mengen, hien ass *knéckeg* an *arrogant*.
- Ma nee, hien ass *generéis* a *schei*.

2.
- So, kenns du dem Nadia säin neie Frënd? Hien ass net ellen an zimmlech intelligent!
- Jo, du hues Recht! Ech fannen hien och *flott* an *net domm*.

3.
- Kuck emol déi Foto hei! Deen ass jo total almoudesch ugedoen!
- Ou? Fënns de? Ech fannen dat *modern*.
- Seriö?

4.
- Hei ass mäin neie Mupp, de Bello. Hien ass ganz léif.
- Hie gesäit awer *aggressiv* aus. Kommt net méi no, ech fäerten Hënn.

# Kapitel 4 Säit 67, Übung 6

*Liest den Text a fëllt déi richteg Possessivpronomen aus.*

*Den Här an d'Madamm Reuter ginn op de Policebüro, well d'Madamm hir Posch verluer huet.*

**Här Reuter:** Gudden Owend. *Mäin* Numm ass Reuter. *Meng* Fra huet *hir* Posch verluer. Mir wëllen eng „Déclaration de perte" maachen.

**Polizist:** Dat kënne mir direkt maachen. Gitt mer Ären Numm an Är Adress, wannechgelift. Ech brauch dat fir den Dossier.

**Här Reuter:** Jo, natierlech. *M*äin Numm ass Roger Reuter a *meng* Fra heescht Bea Reuter-Weber. *Eis* Adress ass 122, route d'Esch. L-1943 Hollerech.

**Polizist:** Gutt. Madamm Reuter, wéi gesäit *Är* Posch dann aus?

**Madamm Reuter:** Se ass mëttelgrouss, brong an aus Lieder.

**Polizist:** Hmm, eng ganz normal Posch also. A wat war dran?

**Madamm Reuter:** *Mäi* Portmonni, *mäin* Handy, *mäi* Bräll a *meng* Schlësselen. Dann nach en Agenda, e Bic, e Lëppestëft an Nuesschnappecher.

**Polizist:** Wéi gesäit *Äre* Portmonni aus a wat war dran ?

**Madamm Reuter**: *Mäi* Portmonni ass orange. Ech hat *meng* Carte d'identité, *mäi* Fürerschäin, zwou Kreditkaarten an och e bësse Suen dran.

**Polizist:** Hutt Dir dru geduecht, fir *Är* Kreditkaarte späre ze loossen?

**Madamm Reuter**: Jo, natierlech!

**Polizist**: Gutt, ech hunn alles notéiert. Dir kënnt nach hei ënnerschreiwen.

# Kapitel 4

Säit 67, Übung 6

*Kuckt d'Bild vun der Fra. Äre Partner huet och e Bild vun hir, mä et ginn aacht Ënnerscheeder. Wat ass anescht? Fannt d'Ënnerscheeder duerch Froen.*





Hei sinn déi aacht Ënnerscheeder:

| A | B |
| --- | --- |
| D'Fra huet laang Hoer. | D'Fra huet kuerz Hoer. |
| Si huet kee Brëll. | Si huet e Brëll. |
| Hir Blus ass unis blo. | Hir Blus ass blo mat wäissen Tëppelen. |
| Hir Jupe ass laang. | Hir Jupe ass kuerz. |
| D'Fra ass geschminkt. | Si ass net geschminkt. |
| Si huet e Rimm un. | Si huet kee Rimm un. |
| Si huet eng kleng Posch. | Si huet eng grouss Posch. |
| Si huet Tallekeschong. | Si huet Schong ouni Talleken. |